N° 6813
Entrée le 12.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.09.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

De 5. September war de Grondschouldirekter vun der Regioun Suessem Invité vun der Redaktioun op RTL. Hien huet am Kontext vum Pilotprojet, deen a véier Gemengen am Land duerchgefouert gëtt an de Kanner d'Méiglechkeet gëtt, op Franséisch liesen a schreiwen ze léieren, preziséiert, dass fir d'Schüler, déi dëst Joer d'Alphabetiséierung op Franséisch ufänken, eng Plaz an enger internationaler Schoul garantéiert wier, wa si dat wënschen. Och wieren a senger Gemeng geziilt Eltere vum Léierpersonal ugeschwat ginn, ob si hir Kanner net wéilten op Franséisch alphabetiséiere loossen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Geet den Här Minister dervun aus, datt et zu den Aufgabe vum Léierpersonal gehéiert, fir d'Kanner iwwer de Wee vun hiren Eltere fir eng bestëmmt Form vun Alphabetiséierung (an dësem Fall d'Alphabetiséierung op Franséisch) quasi ze "rekrutéieren"?
2) Ass den Här Minister der Meenung, datt d'Demarche, fir de Schüler, déi dëst Joer d'Alphabetiséierung op Franséisch ufänken, eng Plaz an enger internationaler Schoul ze garantéieren, wa si dat wënschen, net indirekt d'Segregatioun vun de Schüler hei am Land begënschtegt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup,
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6813 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Et gehéiert zur Aufgab vum Léierpersonal, fir Elteren am Choix vun der Scolariséierung vun hirem Kand ze beroden.

An dësem Fall sinn Eltere vu Kanner, bei deenen den Enseignant dovunner ausgeet, datt eng Alphabetiséierung op Franséisch besser wier, op de Projet higewisen ginn, dëst am Interessi vun de Bildungschancë vum Kand.

Ad 2)

De Projet vun der alternativer Alphabetiséierung viséiert eng Orientatioun an den traditionelle Schoulsystem nom Fondamental, och wann aner Modeller méiglech sinn.

Dëst ass genau de Géigendeel vu Segregatioun. Wärend der Pilotphas, wou dëse Modell just a véier Schoulen ugebueden gëtt, sollen d'Schülerinnen a Schüler eng Plaz an enger ëffentlecher Europaschoul garantéiert kréien, fir de Fall, datt si plënneren oder aus anere Grënn d'Schoul wiessele mussen.

Lëtzebuerg, de 6. Oktober 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH